# E Jong muss an d'Front.

Op d'Weis vun „Müde kehrt ein Wanderer zurück"

I Op der Gare do stét e Murge fre'
e jonge Mensch a voller Liewensble'
Hien récht fir d'lescht der Mamm seng ziddrech Hand
well hie muss fort vun hém an d'preisecht Land'

II An de Kasären gett hien ausgebilt
a vun de Preisen bis op d'Blutt gedrillt
un hém, un d'Mamm duecht hien dann Dag fir Dag
a schwe're Stonnen de' hien mat gemacht.

III A Russland stét hien nun am Schützegruef
seng Mamm dohém, de' ass a steter Suerg.
Sie scheckt him Päck a bied fir fir d'énzegt Kand
dat hat soll kommen zeréck an d'Hémechtsland.

IV Mé d'Schicksal ass net jidder éngem gudd
hat fuerdert vun dem Jong sein Hierzeblutt
Un hém, un d'Mamm huet hien jo nach geduecht
we' d'Kugel hie getraff an enger Schluecht.

V Elo schle'ft hie friddlech an dem frieme Land
d'Mamm huet verluer mat him hirt énzegt Kand.
Sie dre't fir sech ganz stell dé gro'sse Schmierz
So' ass gebrach é Mammenhierz.

Text vum Josy WATGEN vu Kolmer-Bierg.